

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 13. Oktober 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg ass op der Weltausstellung zu Dubai mat engem Pavillon vertraueden, deen aus architektonescher Siicht spektakulär ass. Et gött erwaart, datt déi 32 Milliounen Euro, déi an d'Lëtzebuerger Presenz zu Dubai investéiert goufen, sech laangfristeg positiv op d'Lëtzebuerger Wirtschaft auswierke wäerten. Trotzdeem ginn et elo schonns Stëmmen, déi behaupten, datt net alles sou ronn leeft, wéi dat vun der Regierung geplangt war, och wat déi Lëtzebuerger Aussteller ugeet.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Wéi ass de Lëtzebuerger Pavillon organiséiert? Gouf et Problemer bzw. Reklamatiounen, wat d'Organisatioun vun eisem Pavillon ugeet?
- 2) Wéi vill Aussteller sinn um Lëtzebuerger Pavillon am Ablack present? Entsprécht dat der Zuel, déi ursprénglech virgesi war? Wann net, wéi vill Aussteller hu sech méttlerweil zrëckgezunn? Aus wéi enge Grënn hu sech dës Aussteller zrëckgezunn?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding  
Deputéierten